

Claude WISELER  
President vun der  
Chamber vun den Deputéierten  
19, um Krautmaart  
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, , den 28/11/2023

Här President,

**Sou wéi den Artikel 80 vun eisem Chambersreglement et virgesäit, bieden ech lech, dës parlamentaresch Fro un de Minister fir den Interieur weiderzeleeden.**

Israel hat dëst Joer kee Stand um Bazar international. Als Grond, firwat si kee Stand haten, gëtt de Responsabelen fir den israellesche Stand un, dass si, opgrond vun dem bewaffnete Konflikt an der aktuell ugespanter Situatioun, ze grouss Sécherheetsbedenken haten. De Responsabelen fir den israellesche Stand sot weider, dass si ee Bréif un d'Police geschéckt haten, an deem si froen, ob d'Police mat Beamten bannen am Gebai kéinten Präsenz weisen. Op hire Bréif hätten si awer keng Äntwert kritt, soudass si d'Entscheidung hu missten huelen, fir dëst Joer net matzemaachen.

An deem Zesummenhang wéilt ech dem Minister dës Froe stellen:

1. Kann de Minister bestätegen, dass esou e Bréif bei der Police agaangen ass?
2. Falls jo, kann de Minister soen, firwat et vu Säite vun der Police keng Äntwert op dee Bréif gouf?

Mat déiwem Respekt,



GOERGEN Marc  
Deputéierten